

Letzeburger Theaterbibliothe'k

No. 124

**Wat ê me' al gëtt -
Wat ê me' domm gëtt!**

Schwank an engem Akt

vum

J.-P. SOUVIGNÉ



Letzeburg — Dréckerei a Verlag P. Linden — 1950


PERSO'NEN.

- 1. **Mock**, en âle Rentier.
- * 2. **Gre'tchen**, seng Duechter.
- 2. **Gre'tchen**, seng Duechter.
- 3. **Emil**, dem Gre'tchen sei Freier
- 4. **Mâtes**, dem Emil sei Frënd.
- 5. **E Bre'fdre'er.**

D'Stëck spillt am Här Mock senger Stuff.

All Rechter ausbehalen !

Eng Opfe'erond o'ni schrëftlech Erlabnes vum Verlag
fällt änner d'gesetzlech Strofen.



1. Optrött.

GRE'TCHEN (*sätzt hannert dem Dësch, de Kapp an de' eng Hand gesteipt*). Jo, jo, d'Liewen aß traurig. Ech sätzen elei an denken alt no iwer éppes, wo'eraus ech dach net klug gin. Zenter daß meng Mamm do't aß, 't si scho bal zwê Joer, aß mei Papp eso' drôleg. Keng Ro' a keng Rascht huet en, an dach sêt hie mir net wofir, obschon ech hie schon oft genug gefrot hun. Elo aß en zenter de Muergen fort, a kaum daß en um 12 Auer Zeit hât, fir ießen ze kommen. Keng zwê Wieder krüt ech emol mat him ze schwätzten, kaum d'Forschett aus dem Monn, du huet en nach e bësse gegrommelt a fort wor en rëm. (*Bedenkt sech.*) Wann ech nach we'ßt, wat fir eng Ursâch datt en hätt? (*Bestëmmt.*) Mä, wârt du, Papp, dei Gre'tchen kënnt ower derhanner. Der Deiwel wêß och net, wo' hien sech erëmdreift, ke'm en dach nämmen, datt ech mat Zeit fierdeg ge'f. Ech mengen èmmer, 't ge'f him eppes gesche'en. (*On gedëllieg.*) 'T wärd dach net ze spe't gin, well ech hun dem Emil versprach, haut den Owend op de Rendez-vous ze kommen. Wat ge'f dê gudde Jong vu mir denken, wann ech net ke'm. (*Et klappt un der Dir.*) Aha. (*Bedenkt sech.*) A wie soll dât sin? — Herein!

2. Optrött.

EMIL. Bonjour, Gre'tchen !

GRE'TCHEN (*erschreckt*). Hei du, Emil, a we' aß dât, daß du heihi bei mech kënns ?

EMIL. Jo, wanns du dât we'ß ?

GRE'TCHEN. Mä, Emil, wat ge'f dât, wa mei Papp
elo ke'm an hie ge'f ons zwê eleng beienê fannen?

EMIL. Hief durfir keng Angscht, mei Schof, wann
ech menger Sâch net sécher wär, da wär ech net
komm.

GRE'TCHEN. Hues du mei Papp da gesin ?

EMIL. Mä gewëß, ech kommen elo grad vum Klos,
do sätzen e puer eso' al Däpp Kart ze spinnen.
'T aß fir sech futti ze lâchen. Den ê wellt besser
können we' den âneren, an huet ên emol e Fêler
gemâch, da kommen de' sche'nste Wieder vun der
Welt eraus.

GRE'TCHEN. Da muß dât jo interessant sin, fir hin-
nen nozelauschteren.

EMIL. Domat hues de Recht, Gre'tchen, an do geseis
de och, datt mer net brauchen ze fierchten, well
bis de' fierdeg sin, können nach e puer Stonnen
erëmgoen. An d'Ursâch, wufir ech heihinner si
komm, soen ech der och: 't aß eng groß Neieg-
kêt, de' dech stark interesseert.

GRE'TCHEN. An de' wär, Emil ?

EMIL. Nu kuck, we' de' Fraleit ower eso' firwëtzeg
sin. Nujé, jo, ech soen der et, durfir sin ech jo
expreß komm.

GRE'TCHEN. Da lôß emol he'eren.

EMIL. Mä da lauschter gutt, Gre'tchen. Geschter op
de Sondeg sätzen ech eso' eleng d'Zeidong ze lie-
sen. Op êmol fällt mer eng Notiz op, de' op der
hënneschter Seit stong, daß e Mann eng Fra
sicht fir sech ze bestueden, hei wârt, ech weisen
der se, well ech hun d'Zeidong matbruecht.
(Liest:) Älterer Herr sucht Lebensgefährtin. Ver-
mögen erwünscht. Angenehmes Äußere. Sich wen-
den unter Nr. 20 an die Expedition des Blattes. —
Wat sês de nun derzo', Gre'tchen ?

GRE'TCHEN. A wie soll dât sin ?

EMIL. Dât hun ech mech och alt gefrôt. A well ech
du eso' firwëtzeg wor an et och par force wollt
wëssen, du hun ech de Wirt gefrôt, dê jo all
Neiegkêt wêß, an dên huet mir et gesot.

GRE'TCHEN. Mä wien aß et dann ?

EMIL. Da rôt emol.

GRE'TCHEN (*bedenkt sech*). 'T wärd dach de Prom-memâtes net sin, dên aß jo nach Jonggesell ?

EMIL. Falsch geroden.

GRE'TCHEN. Ja, da wêß ech et net.

EMIL. Soll ech der et da soen ? Gef ower gutt uecht, daß de mer net schwâch fâlls. 'T aß dei Papp !

GRE'TCHEN (*verwonnert*). Mei Papp ?! Dât kann net wo'er sin.

EMIL. 'T aß nach zefill wo'er, mei Kand.

GRE'TCHEN. Dât kann net me'glech sin. Mei Papp, dên âle Mann, wärd dach net wâlles hun, sech erêm ze bestueden ?

EMIL. Dach, Gre'tchen, eso' aß et an ech glêwen et och gieren, well ech hun dengem Papp et schons lang ofgesin.

GRE'TCHEN. Ech muß der Recht gin, Emil, well mei Papp aß de' lescht Zeit eso' drôleg, 't aß bal net me' auszekomme mat em. An elo wellt hie mir och nach eng Mamm an d'Haus brêngen, de' ech emol guer net kennen an de' ech onme'glech ka gier hun. O nê, Papp (*mécht eng Fauscht*) da wei-sen ech mei Käppchen ower och. Wat mengs du, Emil ?

EMIL. Wann hien ower net ânescht wëllt ?

GRE'TCHEN (*be's*). Ech wëllt ower net gieren hun, datt hien sech rêm ge'f bestueden, obschon ech him dât net an d'Gesicht könnt soen. Wât aß nêmmen do ze ma'n ?

EMIL. Jo, als Kand ge'f dât sech och net gutt pas-sen. Mâ, lauschter emol, ech hun eng Idee. (*Hie lächt.*) Dengem Papp muß ên d'Bestueden eso' ver-êkelen, datt hien d'Sâch leie le'ßt.

GRE'TCHEN (*frêdeg*). An du solls dât fierdeg bren-gen, Emil ?

EMIL. Lôß dât elo nach sin, Gre'tchen. Mä, wann d'Sâch an d'Rei gêt, dann aß d'Zeit och net me' weit, wo' mir zwê glêcklech gin.

GRE'TCHEN. We' wëlls du dât da mâchen, Emil ?

EMIL. Hief elo nach e bëßche Gedold, derno gëß d'et scho gewuer, well de' Sâch muß nach gutt iwerluegt gin. Elo aß et ower Zeit, datt ech gin, soß op èmol kënnt dei Papp an da ge'f et sche'n, a mei Plang wär futsch. Nu gef mer nach eng Bés (*sie këssen sech*), datt d'Sâch net fêlschle't. Dajé, bis derno dann. (*Gêt of.*)

GRE'TCHEN. O, Emil, ge'f dei Plang alt net fél-schloen! Dann aß et jo dach komm, we' ech mer et geduecht hât, ower wârt, wann e kënnt. (*'T he'ert ên dobaußen trëppelen.*) Aha, ech mengen, dât wär en. Da muß ech elo se'er no dem Kaffi kucke goen, soß kno'tert en och nês, datt en nach net um Dësch stêt. (*Of.*)

3. Optrëtt.

MOCK. (*Hie spiert den Dronk an 't he'ert ên e kno'-teren dobaußen. Iwerdêm en erakënt:*) Mir hätte jo net könne verspillen, wann en nämmen Tromp Äß drageluecht hätt, dên Dâbo. Ech hât emol Recht, daß ech menger Wê si gângen an d'Kârten baußend d'Dir geheit hun. Jo, jo, d'Liewen aß batter wann ên eso' eleng aß. D'Leit sin nämmen drop aus, fir de Geck mat engem ze mâchen. (*Kuckt op den Dësch.*) A wât gesin ech do, 't stêt mol nach kê Kaffi um Dësch. Eso' ass et ower. Elo kommen ech nach expreß zwo' Stonne me' spe't, well ech sëcher geduecht hun, da wär e fierdeg. Oh wârt! (*Gêt bei d'Dir a rifft:*) Gre'tchen, Gre'tchen !

GRE'TCHEN (*kënnt mam Kaffisgeschir*). Wat gelifft, Pappa ?

MOCK. Nu kuck ower emol ê Mënsch, frês du nach wat gelifft? We' aß et, kre'en ech Kaffi oder soll ech nach eng Stonn goen ?

GRE'TCHEN. Nêñ, Papp, bleif hei, elei kriß d'es jo, en aß scho lâng fierdeg, ech hun en ewell e puer-mol missen opsetzen. Du ko'ms je net erbei.

MOCK. Do hu mer et jo nê's, well aß et rëm meng Schold, an ech bleiwen nach extra e puer Stonne me' lâng, fir datt e soll warem sin wann ech hêmke'm.

GRE'TCHEN. Um ve'er Auer aß et Zeit an net elo ere'scht. Nujé, ech hätt nach neischt derge'nt wanns de net ëmmer ge'fs am Wirtshaus setzen ze tuten a Kart ze spinnen.

MOCK. Wanns de net ëmmer eppes ze soen hättts wann ech hêmke'm.

GRE'TCHEN. T' kënnt ê mat der Zeit hêm.

MOCK (*rôsen*). Nu kuck ower emol elo we' affronte'ert. Mengs du Schnuddlesch ewell, du häs den-gem Papp eppes ze soen, mä dât wär mir eppes Sche'nes. Gef uecht, 't gêt elo geschwënn ânescht.

GRE'TCHEN (*pike'ert*). We' mengs de dann dât ?

MOCK. Du gës et geschwë gewuer. Wann de' Annonce an der Zeidong de' Ke'er net pâkt, da wëll ech Isak hëschen.

GRE'TCHEN (*verwonnert*). Wat fir eng Annonce ?

MOCK (*fir sech*). Donnerwieder, hun ech him et dach elo misse soen, dât aß, wann ên eso' opgeregzt aß. Nujé, 't huet neischt ze soen, ech wärd dach nach Mëschter sin iwer dât, wat ech mâchen.

GRE'TCHEN. Da so mer et.

MOCK. Presse'er net, du gëß et nach zefill se'er gewuer. (*Fir sech.*) Emol muß et jo dach eraus. (*Zum Gre'tchen.*) Da gef uecht. Ech hun es sât eso' eleng mat dir ze fueren, 't muß eng Fra an d'Haus, well eso' kann et net me' viru goen. (*Fir sech.*) Elo wëß et et.

GRE'TCHEN (*traureg*). Du wärs dach net, Papp ?

MOCK. Wofir dann net? Wa meng Hoer och schons gro gin, an ech schon eso' en âlen Dapp sin, eso' eleng gêt et êmol net me', an domat basta.

GRE'TCHEN (*kreischt*). O Gott wat wärd dât gin.
(*'T klappt un der Dir.*)

MOCK. Herein !!

4. Optrött.

BRE'FDRE'ER (*könnt eran*). Bonjour Messieurs-Dames, hei aß en Telegramm fir den Här Mock.
MOCK (*ënnerschreift a gët him en Drëngeld*). Merci.

BRE'FDRE'ER. Bonsoir a merci. (Of.)

MOCK. Bonsoir. (*Mécht op a liest*) « Werde Ihnen auf Ihre Anzeige heute Abend Besuch abstatten. Veuve Klabis. » Aha, hât ech net gesot, datt et de' Ke'er ge'f greifen. Nach ewell e sche'nen Nuem.

GRE'TCHEN (*iwer dem Kreischen*). Ma Papp !

MOCK. Ge', mei Kand, da mëchs de e bëßchen Toilette a kreisch net, well dât ka jo dach neischt un der Sâch änneren. Ge' an da lës de mer och mei Schnëppel an e frësche Kol eraus. (*Gre'tchen of.*) Ech wärd mech dach nach könne bestueden, 55 Joer, 't aß jo nach kën Alter an 't si scho gre'ßer Dommhête gemâch gin. Ower elo gët et Zeit, datt ech mech ânescht undonken, well ech muß jo der Madam Klabis e bëßchen impone'eren. (Of.)

5. Optrött.

EMIL (*verklärt als âl Fra, am lange Mantel an en almo'deschen Hutt. Hien huet Hänschen un an an där enger Hand eng Posch, an där âner e Parbeli. 'T he'ert ên en e puermol un d'Dir klappen a ruffen: « Aß kën hei ?» da könnt en eran.*) Aha, elo hun ech et jo grad geroden, datt kën hei aß. 'T aß och alt gutt, datt ech dem Gre'tchen neischt gesot hun. Wat wärd dât Ae man, wa sengem Papp den Danz eso' warm gemâch gët, daß hien sei Liewen net me' un d'Bestueden denkt an datt en emol kê Framënsch op e puer Kilometer me' ka gesin. Wo' soll d'Gre'tchen némme sin? ('T he'ert ên éppes trëppelen.) Ech mengen ech he'eren se kommen. Elo hëscht et opgepaßt.

GRE'TCHEN (*erschreckt am Erakommen, et sét ver-lén*): Bonjour.

EMIL (*verstellt d'Stëmm.*) Ah, bonjour Joffer, 't aß
jo hei beim Här Mock, ech hu mech jo net geïrt ?
GRE'TCHEN. Nêñ, Dir huet iech net geïrt, wât wär
êre Begier ?

EMIL. Ech sin d'Madame Klabis, Wittfra mat 6 Kan-
ner a vleicht êr zo'künfteg Mamm (*verneipt
sech*).

GRE'TCHEN. Em Gotteswëllen, da wârd Dir dât
och, dê mengem Papp den Telegramm geschëckt
huet.

EMIL. Gewëß, Joffer, anplätz datt ech haut den
Owend hätt soll kommen, sin ech elo hei.

GRE'TCHEN. Mei Gott, wât kann dât nach gin
(*'t kreischt*).

EMIL (*mat senger natirlecher Stëmm*). Gre'tchen.

GRE'TCHEN (*erschrëckt.*) We' ?

EMIL. Kenns de mech net, Gre'tchen ?

GRE'TCHEN. Emil !

EMIL. Jo, kuck, ech sin et, deng zo'künfteg Mamm.

GRE'TCHEN. We' kannst du mech eso' fierchten
dun, Emil ?

EMIL (*lächte*). Kuck, Gre'tchen, dât elei war nëmmen
eng Farce fir ze kucken, ops de mech ge'fs ken-
nen. We' ech et elo mat dir gemâcht hun, eso'
gët et och mat dengem Papp gemâcht, ower e
beßche me' stârk, dên denkt eso' bal net me' un
d'Bestueden. Ech sin et ower net eleng. Du kenns
jo mei beschte Frënd, a we's de wëß, aß dât
och nach lâng der Lappeger kën, zumol wann et
hëschte eng reißen, abê ech an dên, mir hun ons
d'Sâch fein ausernê geluegt a wann dei Papp de'
Ke'er d'Fraileit net bis an d'ënnesch Hell ver-
wünscht, da soll ech gro Hoer kre'en. Hu mer en
dann emol eso' weit, da wärt och d'Zeit kommen
fir ons zwê, an da wârd hien och neischt me' der-
ge'nt hun, wa mir zwê ons bestueden.

MOCK (*aus dem Niewenzëmmer*). Hê Gre'tchen, wur
hues de meng Manchette geluegt ?

GRE'TCHEN. Mei Gott, Emil, mei Papp, gëf nëmmen
uecht, datt dên neischt geseit. E wârd dach net
erakommen ?

EMIL. Fiercht net, mein Engel, lôß e nämmen kommen, ech wär nach ewell fro', wanns du e ruffe gengs.

GRE'TCHEN. Da wârt, ech ruffen en. (*Rifft zur Niwendir eraus*). So, Papp !

MOCK. Wât aß geschitt ?

6. Oprött.

MOCK (*könnt eran, o'ne' Hutt an am Frack*). Bonjour, Madamm, mat wiem hun ech d'E'er ?

EMIL (*mat verstellter Stëmm*). Pardon, Monsieur, ech he'eren net gutt. Mä, ech wollt froen, aß et hei beim Här Mock ?

MOCK. Gewëß, Madamm, huelt Iech Plätz. (*Zo' de Leiden*.) Dât wârd dach d'Madamm Klabis net sin? Da wär ech de' ke'er jo rëm sche' beleffelt. Mat wiem hun ech d'E'er ?

EMIL. Ech sin d'Madamm Veuve Klabis.

MOCK (*fir sech*). Grad we' ech geduecht hât. O mei Gott.

EMIL. Ech sollt ere'scht haut den Owend kommen, mä du hun ech mer geduecht, besser e bëßchen ze fre' we' ze spe't. Dir wëßt jo, ech kommen op de' Anonce an der Zeidong.

MOCK. 'T aß net me'glech ?

EMIL. Ech hu mer alt èmmer geduecht, du kanns net eso' eleng bleiwen, 't muß e Mann an d'Haus. E Glück, datt ech gëschter Owend d'Zeidong geliest hun, soch hätt ech d'Annonce emol net gesin an da wär et mer de' Ke'er erëm lanscht d'Nues gang.

MOCK. Wât leit mir dodrun.

EMIL. Dir begreift jo, we' et engem aß wann ê 6 Kanner dorëmmer lâfen huet. A wann ên dach nach èmmer we'ßt, wat ên hinne sollt z'ieße gin. Ech hätt et jo nach ewell, ower kuckt, ech si gewint bis muerges 11 Auer am Bett ze leien. Fre'er, we' mei Mann nach gelieft huet, du huet dën alt èmmer gekacht, a wëßt der, dât verle'ert sech och.

MOCK. Wât hun ech domat ze dun ?

EMIL. O dach, Dir könnt mer es frei glêwen, dât wor e gudde Mann, ech wetten, dên huet de' sche'nste Plätz am Himmel kritt. Mei Jengsten, dât aß sei Papp we' durgespaut.

MOCK. Himmelkreizdonnerwieder, dât gêt mech jo neischt un.

EMIL. Ah, dir mengt ech soll Kaffi drenken. Wëßt der, ech he'eren net gutt, ower dât mécht neischt, dât aß e klenge Fêlerchen, iwer dên è kann ewegkucken. Dir schwätzt einfach e bëßche me' hârt, dann he'eren ech et schon, dir wärd gesin.

MOCK. Ech gesin, datt Dir net gutt he'ert. (*Zo' de Leiden.*) Mengt de' Hârespel, ech ge'f mer d'Straß wond jeitzen. (*Hie jeitzt.*) Ech mengen, wann Dir Iech ge'ft d'Lach sichen, âl Porette.

EMIL. Dir könnt Recht hun, 't sêt ê jo och net gieren nén, zu mol bei eso' engen deiren Zeiten, a wo' d'Bro't elo eso' deier aß. Wëßt der, dann hun ech dât alt dohêm gespuert. (*Hie fänkt un z'ießen.*)

MOCK. 'T soll ên ower soen, eso' eng Frechhêt aß mer mei Liewen nach net passe'ert. Nê, we' affronte'ert kann eso' eng âl Quisel sin, hues de dât he'ere, Gre'tchen, wät sêß du durzo' ?

GRE'TCHEN. Wât soll ech soe, Papp, 't aß jo meng Schold net, Du wolls et jo eso' hun. (*Lâcht.*)

MOCK (*rôsen*). Du lâchs nach.

GRE'TCHEN. Ma jo, Papp, wuefir soll ech net lâchen, wann ech gesin, daß ên an dengem Alter sech nach eso' eppes an de Kapp gesât huet.

MOCK. Du hues Recht, Gre'tchen. (*Rosen.*) Huel er d'Geschir virun der Nues ewech, da kann se hêm ieße goen.

GRE'TCHEN. Ech net.

MOCK. Oh âlen Dabo, dêns de baß (*klappt sech op d'Stir.*) Nê, dât do aß ower e bëßchen ureg. A wât sin dât nach fir Mane'eren, sech mam Hutt a mat den Hânschen und den Dësch ze setzen.

Nêñ, 't aß mer es zevill. (*Gêt ongedölleg op an of.*)

EMIL. Wuefir drënkt Dir da kê Kaffi mat, Här Mock ?

MOCK. Elo aß et es ower bal genug.

EMIL. Ah so', Dir huet êre gedronk. Nujê, ech sin och gewinnt mei Kaffi eleng ze drënken. Dê bëßche Botter huet ê gutt eleng packen. A wât ge'f dât och gin, Dir wëßt jo ganz gutt, hirer 6 we' ech der hun, de' lêen eppes änner Dâch. Wa mer emol bestuet sin, da gesit Der et vum selwen.

MOCK (*nidergeschloen*). Oh Gre'tchen, du brâvt Kand, we' konnt dei Papp nach eso' Gedanke kre'en ?

GRE'TCHEN. Gelt, Papp, Du bestueds dech net me'?

MOCK. Nêñ, an nach êmol nêñ, a wann eng Prinzessin ke'm, da wär et nach èmmer nêñ. Ower wäre mer dêr âler Këscht laß.

GRE'TCHEN. Ech hun eng Iddi, Papp (*bedenkt sech*). Jo, eso' gêt et, elo schreiwe mer op en Ziedel, den Här Mock ge'f an dêr âner Stroß wunnen.

MOCK. Mä du hues nach ewell recht. Da wârt. (*Schreift en Ziedel a gêt dem Emil en.*)

EMIL (*liest verwonnert*). Aß et wo'er, aß et me'glech? Der Deiwel soll et hueLEN, daß ên net gutt he'ert. Dajê bonjour an neischt fir ongutt. (*Zum Gre'tchen.*) Wât sêß de duerzo', mein Hierz?

GRE'TCHEN. Oh, Emil, du hues deng Sâch gutt gemâcht, ech mengen et ge'f geroden.

EMIL. Dajé, bis derno. (*Gêt of.*)

7. Optrétt.

MOCK. Ok Gre'tchen, wat e Glück, datt mer dês Ongeziefer laß sin; 't wor ower och Zeit, soß wär et nach op êmol sche' gin. Ech mengen, du hues besser d'Dir ze spêren, datt se net me' erëm kënnt, soß geschitt en Onglück.

GRE'TCHEN. Hief keng Angscht, Pappa, de' kënnt net me' erëm.

MOCK. Desto besser fir sie, well da könnt se sech vum Pe'trus de Schlüssel vum Himmel ofkoppen: sècher wär et, datt se bis duer exped'eert ge'f.

GRE'TCHEN. Geldu, Papp, du bleifs och elo me' oft hei amplätz Kårt spinnen ze goen.

MOCK. Jo, Gre'tchen, ech follegen der. D'e'scht d'Sâch iwerluegt, 't aß dât bescht.

GRE'TCHEN. We' sin ech elo eso' fro'! (*Sprëngt un de Papp a këßt en.*)

MOCK. Kuck, mei Kand, fir d'Wo'recht ze soen, ech wär ower nach net ze al gewiescht, fir mech ze bestueden. 'T würde jo noch nach âner Fraleit ze kre'e sin, we' dât êklecht Dëppe vun elo firenst.

GRE'TCHEN. Nê, Papp, mâch dât net, du hues jo gesin, we' et der bal gângen aß, eso' sin s'all.

MOCK. Du mengs dât alt, dât verstêst du net besser. Abé, mir wëllen ower mol kucken, well 't wärdend der jo nach kommen. (*Et klappt un d'Dir. Erschreckt.*) Hues de he'eren, Gre'tchen? Dât wärd de' al Tullepant erëm sin (*ängschtlech*) ech men-gen, wanns de d'Dir ge'fs spären.

GRE'TCHEN. Ech glêwen net, datt de' nach êmol erëmkënnt. Wârt, ech lâfen emol kucken. (*D'Gre'tchen kënnt era mam Fußemâtes, dê verklêt aß als al Joffer, mat engem lânge Mantel, Hutt, am Arem e Parbele', an der Hand e Kueref an eng Zeidong.*)

MATES. Bonsoir, Messieurs dames! 'T aß jo hei beim Här Mock, wann iech gelifft?

MOCK. Gewëß, Madamm.

MATES. An ech sin d'Joffer Mips, Här Mock. Mei Papp hun ech net kannt a meng Mamm aß fre' gestuerwen. (*Hëlt d'Schnappech eraus a botzt eng Tre'n of.*)

MOCK (*verwonnert*). Wât hätt Dir da gieren, wann ech froen durf?

MATES. Mä, ech wor an der Zeidong, do hun se zo' mir gesot hei wär et an du hun se mech hier geschêckt a we' der gesitt, hei sin ech.

MOCK (*iergerlech*). Wurfir sitt Dir dann hei ?

MATES. Mä, we'nt der Zeidong.

MOCK. Aus wellecher Ursach dann ?

MATES. Mä, ech wär gieren . . . elo ech . . . geseit ê mir et dann net of ?

MOCK. Ech kann neicht gesin, dajé, eraus dermat.

MATES. Ech wär giere bestuet.

MOCK (*lâcht*). Dir huet och e Gesicht fir bestuet ze gin.

MATES. Eso' aß et nachewell grad; Dir huet Recht.

D'Leit soen alt êmmer, ech wär eso' sche'n, a sie könnten net begreifen, datt ech bei menger Beauté nach kê Mann hätt. Ower Dir mußt begreifen, ech wollt nach kên, ech hun alt êmmer geduecht ech hätt nach gutt Zeit. 62 Joer, dât aß jo nach kên Alter, wat mengt Dir ?

MOCK (*zo' de Leiden*). Do he'ert jo d'Weltgeschicht op. Ech hu gemengt, ech wär domm, do sin der ower nach, de' iwert mir sin. (*Zum Mâtes.*) Ech mengen, dât bescht wär, âl Nuechtegeilchen, dir ge'ft Iech dên Zant ausrappen lôßen, an Dir gengt erëm dohin, wo' der hier hommt sitt.

MATES. Mengt Der, a wann ech ower well bestuet sin, wat sot Der dann ?

MOCK (*rosen*). A wann ech iech nach êmol muß soen, dir sollt mâchen, datt der eraus kommt an Dir gitt net, da geheien ech Iech eraus, verstânen.

MATES. Mä, sie hu mir dach gesot, hei wär et, an ech soll hei bleiwen.

MOCK (*außer sech*). Himmel, haste keene Flinte, Gre'tchen, mâch d'Dir op.

GRE'TCHEN (*dât an hêmlecher Frêd dêm ganze Spâß nogekuckt huet, gêt bei de Papp an zëßt en*). Ma, Papp, mâch dach kên Tappag, wât ge'fen d'Leit denken. Ech gin elo onsen Noper, den Emil, ruffen, da kann dên bei d'Polizei goen. (*Of.*)

MATES. Wât ? Bei d'Polizei goen ? Dât gese'ch ech emol gieren. 'T aß mei gutt Recht hei ze sin, an elo gin ech glât net.

MOCK (*iwerdêm datt de Mâtes sech setzt, fir sech*). Aß dât erlابت, de' Ke'er hun ech d'Nues ower voll. Ech hât nach èmmer gemengt, 't ge'fen Ausnahmen, mä ech gesin, 't aß net wo'er. Ech gi Scho'se Klos bal recht, dê sot èmmer, den Alter fiercht d'Dommhêt net. Ech hun et de' Ke'er u mir selwer erfuer. (*Hie schle't sech op d'Stir.*) Ech alen Efalt !

8. Optrëtt.

EMIL (*kënnt mam Gre'tchen eran. Sie lâchen hêm-lech.*) A wât aß hei laß, Här Mock.

MOCK. Baß du do, Emil ? O Kanner Gottes ! (*Hien ze't den Otem schwe'er.*) Bekuck der de' âl Nuets-eil, dât âlt Dëppen wëllt sech nach bestueden. Kuck, Emil, vir e puer Stonnen hun ech nach dêr Gedanke gehât, mä ewell! Wann ech elo drun denken, an de Buedem könnt ech mech verkreichen.

EMIL. Duefir braucht Der iech nach kê Bén aus-zerappen. Dât si Gedanken, de' engem gesonte Mensch nach an de Kapp komme können.

MOCK. Schwätz mer net dovun, 't aß aus, ech hun haut de Mëtteg d'Gloscht verdriwe kritt.

EMIL. Dât kann ech an d'Gre'tchen ower net soen, gelldu ? (*Gêt bei et a lêt him den Arem iwer d'Schëller.*) Mir schrecken emol net virun eso' engem Gedanken zräck. A fir daß mer nun ower eng Ho'chzeit an d'Haus kre'en, bieden ech iech em êrt Jowurt. Dir ge'ft ons domatt glëcklech mâchen.

GRE'TCHEN (*gêt bei de Papp*). Jo, Papp, eso' aß et a so net nén, ech hun den Emil eso' gieren.

MOCK. 'T aß net me'glech (*kuckt verwonnert*), mä sot emol, Kanner, dir huet mech jo wirklech iwer-rompelt, well aplâz daß ech mech sollt bestueden, wär Dir et elo gieren. Nujê, ech hun och nach

ewell le'wer, dir mächt de' Dommhêt we' ech.
A Gottes Namen dann, hei Emil hues du d'Gre'tchen, a gitt glücklech zesummen.

MATES (*kneppt de Mantel laß an dêt den Hutt of.*)
A la bonheur! Eso' aß et richteg, ech hätt et och
eso' gemâcht.

MOCK (*kuckt ganz verwonnert an dêt de Brëll op*).
A wie' sitt dir ?

MATES. Ech stelle mech vir als Joffer Mips, genannt Fûßemâtes, an ech hoffen, dir wärd net vergießen, mech op d'Ho'chzeit ze ruffen.

MOCK. Do kann ê klug gin hannert dêr Sâch.

MATES. Dir huet wuel e bëßchen Angscht an Ierger gehât, ower nach vill gre'ßer aß d'Frêd op den Dâg, wo' de' hei e Puer gin. Op der Ho'chzeit verzielen ech Iech de ganze Spâß, an Dir wärd gesin, mir hâlen net me' op mat lâchen.

GRE'TCHEN. Jo, Papp, dât aß wo'er, gelldu, Emil ?

EMIL. Gewëß, mein Engel. Ower daß de' Frêd ons net lanscht d'Nues gêt, Mâtes, bieden ech dech, op d'Ho'chzeit ze kommen, gelldir, Papp ?

MOCK. Wât kann ech dann derge'nt hun ? Ower Emil, ênt soen ech der, du baß e Schellem, ech mengen, ech ge'f dem Mâtes seng Geschicht roden. Nujé, ech sin ower fro', daß et eso' gângen aß. Eng gre'ßer Frêd hun ech dach, wann dir glücklech gitt.

EMIL a GRE'TCHEN. Merci, Papp.

MATES. Bravo, dât aß sche' geschwât.

MOCK. Fir et richteg ze soen, 't aß dach ze spe't fir mech. Wât ê me' âl get, wât ê me' domm get, aß nach èmmer wo'er.

